14.9.2020

Fonctionnement vun der Naturschoul a COVID-Zäiten

Haaptprinzipien:
Den Enseignant vun de Naturschoul soll net Super-Spreader ginn, och wann en all Dag eng aner Klass betreit.
Klasse solle sech, ausser am Bus, méiglechst net begéinen
D'Coure si sou wäit wi méiglech dobaussen.

Détail:
Mat de Spillschoule, di jo keng Masken hunn, bleiwe mer am Prinzip ganz dobaussen, ausser fir op d'Toilett a bei katastrophalem Wieder.
Péitenger Klasse sinn dobaussen an an der Rollénger Millen.
Sou vill Klasse wi méiglech man hir Aktivitéiten an de Sektiounen, fir dass se kee Bus brauchen.

An de Säll sëtzen d'Kanner sou wäit wi méiglech auserneen.
Wann am Klassesall geschafft gëtt, hale mer de Mask di ganzen Zäit un.

Pausen am Haff oder am Sall, Klasse getrennt.
10.30 Paus Zowaascher Klassen, Klasse vun auswäerts sinn dann net dobäi.

Naturschoul-Klassen ginn an den Hébergement um 1.Stack op d'Toilett.
(Am Hébergement ass kee Gaascht ënnerbruet.)
Eng Signalisatioun op den Diren , fir dass Klasse sech net op der Toilett mëschen.

D'Säll an W.C. ginn désinfizéiert, ir eng aner Klass erakënnt.

D'Maison Relais ësst mëttes an der Kichen um 1.Stack. De Kiche-Sall um Rez-de-chaussée ass moies reservéiert fir Naturschoul.
Wann nomëttes eng Klass oder ee Grupp MR an d'Naturschoul kënnt, ginn déi an den éischte Sall um Rez-de-chaussée.

Eng Rei Aktivitéite fanne bis op Weideres net statt, well eng sérieux Distanciatioun net méiglech ass:
Viizen, Gromperefest, Kachen a Brachen, Symbiosis.